

newsmag



N 280 | FEBRUAR 2025

Zweesproochege Buet | Bulletin bilingue



Index

Eis Gemeng. Notre Commune.

Awunner | Habitants | 11.579

Gesamtfläch | Superficie | 771 Ha

Personal | Personnel | 279

Fraen | Femmes | 161

Männer | Hommes | 131



Éditeur responsable

Gemeng Schëffleng



Rédaction

Service des citoyens et de la communication



Images et Illustrations

SCC, Tom di Maggio, Black Magic Tea



Layout, Conception

MOSKITO et Gemeng Schëffleng



Impression

Imprimerie Heintz



Tirage

5 000 exemplaires

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du bourgmestre	04
Retrospektiv Rétrospective	06
Ouverture vun der neier Moartesaison Ouverture de la nouvelle saison du marché	07
Schëfflenger Konschthaus - Ausstellungen Expositions	08
Gronnsteeleegung vum neie Gemengenatelier Pose de la 1 ^{re} pierre du nouvel atelier communal	10
Concert „Bei Eis Doheem“ – Orchestre Estro Armonico	11
Street Art zu Schëffleng Street Art à Schifflange	12
Inauguratioun vum Haus Teranga Inauguration de la maison Teranga	13
Dag vum Bam Journée de l'arbre	14
Soirée des Lauréats	15
European Energy Award	17
Orange Week: Solidaritéitsmarsch Marche de solidarité	18
Hobbymoart	19
Kleeschen Saint-Nicolas	20
Bicherwoch Semaine du livre	21
Respektéiert Gebuert Naissance respectée	21
Seniorefeier Fête des seniors	22
Vereedegung vum Vincent Nothum Assermentation de Vincent Nothum	23
David Goldrake - 25 Years of Magic	24
Soirée de Bienvenue	25
Neiegkeeten Nouveautés	26
Nightlife Bus	27
Nei Mataarbechterinne Nouveaux·lles employé·e·s	28
Bildungslandschaft Paysage éducatif	30
ASBL Schëffleng Hëllef	32
Foto Concours Concours photo	33
Neit Parkkonzept Nouveau règlement de parking résidentiel	34
Elektromobilitéit? Jo - awer sécher! L'électromobilité ? Oui, mais en toute sécurité !	35
Save the date	36
Save the Date Club Haus beim Kiosk	38
Verschiddenes Divers	40
Youth - Rubrik Jugend	41
📄 Info	47
Primen, Subventiounen a Formularen Primes, subventions et formulaires	51
Studentenjobs Jobs étudiante·s	52
Gemengerotssätzungen Réunions du conseil communal	53



Paul Weimerskirch

Buergermeeschter | Bourgmestre

LU — Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mat dësem Editorial wëlle mir all deene Leit Merci soen, déi am Déngscht vun deenen Anere stinn, fir hire solidareschen Engagement an de Respekt virun de Mënscherechter. Dëst ass d'Basis vum éierleche Mateneen an enger heterogener Gesellschaft.

Krich an Terror uechtert d'Welt. Klimakatastrophen eng un där aner. Mënschen, jonker an eeler, op der Flucht. Nationalen Egoismus an Desolidariséierung. Verletzungen un der Dignitéit vun de Mënschen. Dëst a vill aner Tatsaachen, déi eis beréieren, dominéiere leider d'Aktualitéiten an der Welt, an Europa, zu Lëtzebuerg an enttäuschenderweis och an eiser Gemeng.

Eng Gemeng vum Vivre-ensemble mat bal 12.000 Awunner aus honnert verschidde Nationalitéiten, Kulturen a Reliounen. Eng Gemeng, déi sech eigentlech net duerch Auslännerfeindlechkeet, Rassismus oder Xenophobie auszeechent. Am Géigendeel: mir liewe säit Jore Solidaritéit no bannen an no baussen.

Déi chauvinistesche a vun Haass charakteriséiert Aussoen iwwer Matbiergerinnen op de soziale Medien maache mech dohier gläichermoosse rosen ewéi och traureg. Gott sei Dank sinn d'äraarteg net zoulässeg Kommentaren net d'Reegel, mee intolerabel Exceptiounen. Ech si frou an enger Gemeng ze liewen, wou de Matenee grouss geschriwwen ass, wou all eis Lokalveräiner – ob am Sport, der Kultur, der Fräizäit oder an der Gesellschaft – sech beméie Brécken ze schloen

an d'Zesummeliewen, d'Harmonie an d'Solidaritéit ze stäipen. E Merci all deenen, déi hei aktiv eng Hand mat upaken. Sécherlech ass all Eenzele gefuerdert mat "âme et conscience" seng méiglechst bescht Kontributioun ze leeschten. Anersäits sinn och d'Gemeng, de Buergermeeschter, de Schäfte- a Gemengerot an och eis Mataarbechterinnen op der Gemeng opgeruff hei mam gudden Beispill virzegoen.

Als Gemeng hu mir iwwer all déi Jore viles am Esprit vum harmoneschen Zesummeliewen, vun der Toleranz an dem Versteedsdemech opzeweisen: eis Initiativ Schëffleng Hëllef, déi nei Zesummenaarbecht mat SOS Faim am Haus Teranga, eisen Team Fairtrade Schëffleng a vill anerer schaffe fir Solidaritéit mat de Schwaachen, eis Veräiner sti fir Convivialitéit, eisen Office Social steet fir Hëllef an Ënnerstëtzung an der Nout ... vill Matbiergerinnen engagéieren sech privat, ouni Ophiewes a Gedeessems ronderëm hir eege Persoun ... dat alles verdéngt e Merci, mat Respekt an Unerkennung fir een Engagement vum Häerz a vun der Humanitéit.

De Schäfte- a Gemengerot seet Merci fir dës Aarbecht am Interessi vun der Gemeng an zum Wuel vu villen iwwer d'Grenze vun eiser Gemeng eraus.

Hal ni op unze fänken a fänk ni un opzehalen am Asaz fir eng besser a méi gerecht Welt an deem och solidaresch Communautéit.

FR — Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Avec cet éditorial, nous tenons à remercier tous·tes ceux·celles qui servent les autres pour leur engagement en faveur de la solidarité et du respect des droits de l'homme. Ceci est la base d'une coexistence honnête dans une société hétérogène.

Guerre et terreur dans le monde entier, catastrophes climatiques qui se succèdent, des personnes de tout âge en fuite, de l'égoïsme national et de la désolidarisation, des atteintes à la dignité humaine. Ces faits et bien d'autres qui nous touchent dominent cependant l'actualité dans le monde, en Europe, au Luxembourg et, malheureusement, également dans notre commune.

Une commune de vivre-ensemble de près de 12 000 résident·e·s issu·e·s d'une centaine de nationalités, de cultures et de religions différentes. Une commune qui n'est pas réellement caractérisée par la xénophobie, le racisme ou la xénophobie. Au contraire, nous vivons depuis des années en solidarité interne et externe.

Les déclarations chauvines et haineuses contre les concitoyen·ne·s sur les réseaux sociaux me mettent autant en colère qu'elles me rendent triste. Heureusement, de tels commentaires inacceptables ne sont pas la règle, mais plutôt une exception intolérable. Je me réjouis de vivre dans une commune où le mot « ensemble » est écrit en majuscules, où tous nos clubs locaux — qu'ils soient sportifs, culturels, de loisirs ou sociaux — s'efforcent de construire des ponts et de soutenir la coexistence, l'harmonie et la solidarité. Merci à toutes celles et ceux qui y ont participé activement.

Il est demandé à chaque individu d'apporter la meilleure contribution possible avec « âme et conscience », et ceci aussi du côté de la commune, du bourgmestre, des échevins et du conseil communal, ainsi que de nos collaborateurs·rices qui sont également appelé·es à montrer le bon exemple.

Comme commune, nous sommes fiers de notre esprit de cohabitation harmonieuse, de la tolérance et de la compréhension que nous rencontrons à travers notre initiative Schëffleng Hëlleft, de la nouvelle collaboration avec SOS Faim pour la Maison Teranga, de notre équipe Fairtrade Schifflange et de bien d'autres qui œuvrent pour la solidarité avec les plus faibles. Nos clubs sont synonymes de convivialité, notre Office social est synonyme d'aide et de soutien en cas de besoin, de nombreux concitoyen·ne·s s'engagent en privé, sans chichis ni agitation autour de leur propre personne... tout cela mérite des remerciements, avec respect et reconnaissance pour un engagement du cœur et de l'humanité.

Le conseil des échevins et le conseil communal tiennent à vous remercier pour ce travail dans l'intérêt de la commune et aux bénéficiaires qui vont bien au-delà de notre commune.

Ne cessez jamais de commencer et ne cessez jamais d'œuvrer pour un monde meilleur et plus juste, et ce, pour une communauté plus solidaire.



Retro- spektiv

LU — An dëser éischter Editioun vum Joer werfe mir zesummen e Bléck op déi spannend Evenementer an traditionell Rendez-vousen déi eis Gemeng an de leschte Méint gepräägt hunn. Mat Spannung freeë mir eis awer och op dat wat eis an den nächste Méint erwaart.

FR — Dans cette première édition de l'année, nous vous proposons une rétrospective des événements significatifs des mois passés. Ensemble, célébrons les instants qui ont embelli notre vie locale.





14.10.2024

Ouverture vun der neier Moartesaison

Ouverture de la nouvelle saison du marché

LU — Wéi all Joer ass déi nei Saison vum Moart op der Fräiheitsplaz am Oktober lancéiert ginn. Och dës Kéier waren d'„Confédération luxembourgeoise du Commerce“ an de Lëtzebuerger Maarteverband“ vum Schëfflenger Schäfferot op déi offiziell Saisonserëffnung invitéiert. Musikalesch begleitet gouf d'Erëffnung vun der Band Vocals on tour.

An enger kuerzer Usprooch huet de Buergermeeschter Paul Weimerskirch betount, dass d'Schëfflenger Gemeng frou ass, d'Moartleit all zweete Méinden am Mount op der Fräiheitsplaz begréissen ze kënnen.

No der offizieller Erëffnung gouf et fir all Visiteur e Fairtrade Kaffi an e Croissant. Dono konnten se gemittlech iwwert de Maart trëppelen an zum Schluss nach eng gutt Grillwurst genéissen.



FR — La nouvelle saison du marché sur la Place de la Liberté à Schifflange a été lancée le 14 octobre 2024. Comme le veut la tradition, la Confédération Luxembourgeoise du Commerce et le « Lëtzebuerger Maarteverband » ont été invités par le collège échevinal à l'inauguration qui a été accompagnée musicalement par le groupe Vocals on tour.

Dans une brève allocution, le bourgmestre Paul Weimerskirch a souligné que la Commune de Schifflange se réjouit d'accueillir les commerçante-s du marché chaque deuxième lundi du mois à Schifflange.

L'ouverture officielle a débuté dans une ambiance conviviale autour d'un petit déjeuner composé de café et de croissants Fairtrade et s'est terminée par un barbecue pour tous les visiteurs.

Schëfflenger Konschthaus

Ausstellungen · Expositions



19.10 - 16.11.2024

Entre Deux

LU — D'Ausstellung "Entre Deux" vum Gérard Claude huet seng rezent Skulpture gewisen, déi d'Visiteuren invitéiert hunn, d'Bezéiung tëscht Material, Form a kreativer Expressioun ze entdecken.

Duerch seng Aarbecht huet de Kënschtler d'Verbinding tëscht dem Mënsch an der Natur ervirgehewen, an d'Transformatioun vun organesche Materialien a kënschteresche Formen exploréiert.

FR — L'exposition « Entre Deux » de Gérard Claude a présenté ses sculptures les plus récentes, invitant les visiteurs à explorer le dialogue subtil entre matériaux, forme et expression artistique.

Son travail met en lumière le lien fondamental entre l'homme et la nature, tout en révélant la transformation des matériaux organiques en formes sculpturales.




22.11 - 21.12.2024

Echo

LU — D'Ausstellung "Echo" vum Jean-Claude a Gauthier Salvi ass d'Resultat vun enger kënschterescher Resonanz tëscht Papp a Jong. Dës Familjenausstellung huet d'kreativ Synergie tëscht zwee Kënschtler ervirgehewen, déi fir d'éischte Kéier zesammen ausgestellt hunn.

D'Ausstellung "Echo" huet d'Visiteuren invitéiert, d'Interaktioun tëscht traditioneller Molerei an urbanem Siebdruck ze entdecken, an huet en Abléck an déi dynamesch Relatioun tëscht zwee Kënschtler aus verschidde Generatiounen ginn.





FR— L'exposition « Echo » a mis en lumière la synergie créative entre Jean-Claude et Gauthier Salvi, un duo père-fils exposant ensemble pour la première fois. Les visiteurs ont pu découvrir l'interaction entre la peinture traditionnelle et la sérigraphie urbaine. Cette exposition hors du commun a dévoilé un regard inédit sur la relation dynamique entre deux créateurs issus de générations différentes.



11.01 - 15.02.2025

We Are All Naked




LU— D'Ausstellung "We Are All Naked" belicht d'kreativ Diversitéit vum renomméierte Kënschtler Pit Wagner. D'Nuditéit steet dës Kéier am Mëttelpunkt vu senger Konscht an ass fir hien méi wéi nëmmen e physischt Thema.

Fir de Pit Wagner ass naked, op Lëtzebuergesch plakeg sinn, e philosophesche Begrëff, dee mam Mënsch-Sinn enk verbonne bleift. Verschidden Emotiounen a Konzepter sinn domat verknäppt, wéi d'Naturlechkeet, awer och d'Vulnerabilitéit. De plakege Kierper gëtt zu enger Metapher fir Oppenheet, Éierlechkeet, awer och, fir Fragilitéit a Verwondbarkeet.

FR— L'exposition « We Are All Naked » a mis en valeur la richesse créative de l'artiste renommé Pit Wagner. Cette fois, la nudité s'impose comme le cœur de son œuvre, transcendant sa dimension purement physique.

Pour Pit Wagner, « naked » ou l'idée d'être « à nu » dépasse le simple état corporel pour devenir un concept philosophique intrinsèquement lié à l'humanité. La nudité évoque des émotions et des notions variées, telles que la naturalité, mais également la vulnérabilité. Le corps nu se transforme en métaphore d'ouverture, de sincérité, mais aussi de fragilité et de sensibilité.



25.10.2024


Gronnsteeleung vum neie Gemengenatelier

Pose de la 1^{re} pierre du nouvel atelier communal

LU — De 25. Oktober 2024 huet d'Gemeng Schëffleng den éischte symbolesche Stee fir den neie Gemengenatelier geluecht, wat e wichtige Schrëtt fir den technesche Service vun eiser Gemeng markéiert. Mat der wuessender Bevëlkerung zu Schëffleng ass et ëmmer méi wichtig, den technesche Service ze stäerken, fir den Erwaardunge vun den Awunnerinne gerecht ze ginn.

Dëse Projet erméiglecht den Ausbau an d'Moderniséierung vum Atelier a schafft méi Raum fir Material a Personal. Esou ka schnell op déi aktuell an zukünfteg Besoine vun de Biergerinne reagéiert ginn. Dës nei Infrastruktur ass ganz am Sënn vun de Wäerter vun der Gemeng an am Respekt vun der Ëmwelt an den natierlech Ressourcen entworfen ginn.

D'Event huet ënner der Präsenz vun de Vertriederinne vun der Gemeng an de Projetspartner stattfonnt – e symbolesche Moment, deen eist Engagement fir eng nohalteg Zukunft zu Schëffleng ënnersträicht.



FR — Le 25 octobre 2024, la Commune de Schiffange a célébré la pose de la 1^{re} pierre du nouvel atelier communal, marquant une étape importante pour le service technique de notre commune. Face à la croissance démographique continue de Schiffange, il est devenu essentiel de renforcer les services techniques pour répondre aux attentes des habitant·es.

Ce projet de restructuration et d'extension permettra d'offrir plus d'espace pour le matériel et les équipes, assurant ainsi une réponse efficace aux besoins actuels et futurs de la population. En accord avec les valeurs de la commune, cette nouvelle infrastructure a été conçue pour respecter l'environnement et les ressources naturelles.

L'événement s'est déroulé en présence de représentant·es de la commune et des partenaires du projet, symbolisant notre engagement pour un avenir durable à Schiffange.



27.10.2024

Concert "Bei Eis Doheem"

LU — Traditionungeméiss huet d'Gemeng Schëffleng de 27. Oktober op de Concert „Bei Eis Doheem“ agelueden.

Den Orchester "Estro Armonico" ënnert der Direktioun vum Jeannot Weimerskirch woussst och d'ëscht Joer nees ze iwwerzeegen an huet de richtegen "Toun" zwëschent schéiner a stëmmungsvoller Musek getraff.

E grouse Merci un d'Participant-einne, d'Buvette Drëtt Halbzäit an d'AMCIS.

FR — Comme le veut la tradition, la Commune de Schiffange a invité ses citoyen·nes au concert « Bei Eis Doheem » (trad. : chez nous) qui s'est tenu le 27 octobre 2024 au Centre Sportif.

De nouveau, l'orchestre « Estro Armonico », sous la direction de Jeannot Weimerskirch, a su convaincre le public avec un concert réussi.

Nous remercions tous les participant·es d'être venu·es. Un grand merci également à la Buvette Drëtt Halbzäit et l'AMCIS.




Replay vum · du
Concert

Street Art zu Schöffleng



Mural
Painting
Video



LU—Street Art zu Schöffleng boomt an de Park Léonie Koullen ass e perfekt Beispill. Op dëser Plaz hutt Dir d'Méiglechkeet en neie Mural Painting vum talentéierte Kënschtler Alain Welter ze bewonneren an och nach eis Minett Flower, e Wierk dat speziell fir Nationalfeierdag 2024 gesprayed gouf bewonneren. De Park Léonie Koullen gëtt esou zu enger Plaz vu Begeeschterung an Inspiratioun, déi lokal Kreativitéit an den Engagement vun der Gemeng fir Stroossekonscht feiert.

FR—Le street art à Schifflange est en pleine effervescence, et le parc Léonie Koullen en est un parfait exemple. À cet endroit, vous aurez l'opportunité d'admirer une nouvelle peinture murale réalisée par l'artiste talentueux Alain Welter et notre Minett Flower, une œuvre qui a été spécialement pulvérisée lors de la Fête nationale 2024. Ainsi, le parc Léonie Koullen devient un véritable lieu de rencontre et d'inspiration, célébrant la créativité locale et l'engagement des citoyen·nes dans le street art.



Inauguratioun vum Haus Teranga

Inauguration de la maison Teranga

12.11.2024



LU—TERANGA ass den 12. November ageweit ginn. Kommt laanscht an entdeckt wat sech hannert der Hausnummer 35 an der Liberatiounsstrooss zu Schëffleng esou alles verstoppt. TERANGA ass eng Plaz fir zesummen ze kommen a sech iwwert d'Agro-Liewensmëttel-Transitioun auszetauschen. Zil ass et Workshops an Diskussiounen ronderëm dëst wichtegt Thema ze organiséieren an ze fërderen an esou zesummen eng nohalteg Zukunft ze gestalten.

D'Gemeng Schëffleng ass houfreg op dësem Projet mat SOS Faim Luxembourg zesummenzeschaffen, an dëst mat der Ënnerstëtzung vum Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, dem Logementsministère, der Fondation Losch an der ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte.



FR—La maison TERANGA a été inaugurée le 12 novembre 2024 à Schifflange. TERANGA est un lieu d'échanges et d'actions autour des enjeux cruciaux liés à l'alimentation et à l'agriculture durable. Ce tiers-lieu, situé au 35 avenue de la Libération à Schifflange, est un laboratoire d'idées et d'initiatives où citoyen-ne-s, producteurs-rices et experte-s se rencontrent pour discuter d'un futur alimentaire plus respectueux de la planète et du vivant.

La Commune de Schifflange est fière d'être en partenariat avec SOS Faim Luxembourg pour ce projet qui est également soutenu par le ministère des Affaires Étrangères, le ministère du Logement, la Fondation Losch et l'ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte.

Dag vum Bam

Journée de l'arbre

16.11.2024



LU — Um nationalen Dag vum Bam huet de Schäfferot mat Ënnerstëtzung vun der Ëmweltkommissioun, de Klima an NaturPakt Teams e wichtegt Zeeche gesat fir d'Biodiversitéit.

Dofir hu vill fläisseg Hänn e „Sorbus Aria“ hannert dem Boulodrome Nazzareno Bocci geplanzt, esou wéi och zousätzlech Beem fir d'Landschaft ronderëm ze beräicheren.

FR — Dans le cadre de la Journée nationale de l'arbre, le collège échevinal, la Commission de l'environnement et les équipes Climat et Pacte nature de la commune ont souhaité réaffirmer leur engagement pour la sauvegarde de la biodiversité.

C'est pourquoi de nombreuses mains assidues ont planté un « Sorbus Aria » derrière le Boulodrome Nazzareno Bocci, ainsi que des arbres supplémentaires pour enrichir le paysage environnant.



Soirée des Lauréat-e-s



19.11.2024



LU — Den 19. November goufen am Hall Polyvalent déi sportlech a kulturell Laureat-inne geéiert.

En ofwiesslungsräichen Owend mat richtig gudder Musek vun All Reitz Reserved, spektakulären Opféierunge vun de Sweet Devils Cheerleaders a vum Bboy Haiper – Youcef Mechari a flotter Animatioun. En Owend op deem all d'Schëfflenger-inne häerzlech invitéiert ware fir zesumme mat der Gemeng, der Kulturkommissioun an der Sport- a Fräizäitkommissioun déi Schëfflenger Laureat-innen ze zelebréieren.





FR — Le 19 novembre, les lauréat·e·s sportifs·ves et culturel·les ont été honoré·e·s au Hall Polyvalent à Schifflange.

Une soirée variée avec de la bonne musique de All Reitz Reserved, des shows spectaculaires des Sweet Devils Cheerleaders et de Bboy Haiper – Youcef Mechari, ainsi qu'une animation exceptionnelle. Un événement auquel tous·tes les habitant·e·s de Schifflange ont été cordialement invité·e·s pour célébrer, ensemble avec la Commune de Schifflange, la Commission de la culture et la Commission des sports et des loisirs, les exploits de nos lauréat·e·s.



Video
Reportage

European Energy Award

28.11.2024



LU D'Gemeng Schëffleng ass den 28. November 2024 zu Bolzen an Italien fir d'drëtt Kéier mam „European Energy Award“ als Gold Gemeng zertifizéiert ginn.

Duerch eist laangjäregt Engagement am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft an och duerch d'Upassung un de Klimawandel konnte mir trotz verschäerfte Critèren eise Gold Status säit 2019 bäibehalen.

Dëst Resultat ännersträicht dat ambitiéis Engagement vun eiser Gemeng am Beräich Nohaltegkeet a Klimaschutz a weist, datt Schëffleng mat Recht op der europäescher Landkaart als innovativ a motivéiert Gemeng figuréiert.

FR La Commune de Schifflange a été certifiée, et ce, pour la 3^e fois consécutive, commune « GOLD » le 28 novembre 2024 à Bolzano, en Italie par le l'« European Energy Award ».

Grâce à notre activité de longue date dans le domaine de « l'économie circulaire » ainsi que de « l'adaptation au changement climatique », nous avons pu conserver notre statut GOLD depuis 2019 malgré des critères toujours plus stricts.

Ce résultat démontre que notre commune est sur la bonne voie grâce à ses engagements dans le domaine de la durabilité et de la protection du climat et que nous figurons à juste titre sur la carte européenne comme commune innovante et motivée.

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD **GOLD**
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

75%





Solidaritéitsmarsch

Marche de solidarité

30.11.2024

LU—Vill Leit hu sech versammelt fir un engem Solidaritéitsmarsch am Kader vun der **Orange Week** deelzehuelen. Dëse Marsch hat d'Zil zum Thema Cat-Calling ze sensibiliséieren, en inakzeptabelt Verhalen dat vill Leit beaflosst, besonnesch d'Fraen.

De Carlo Feiereisen, 1. Schäffen aus der Gemeng Schëffleng huet deene Leit déi do waren ee klaren a staarken Message mat op de Wee ginn: Gewalt huet keng Plaz a keng Berechtigung an eiser Gesellschaft, an och net an eiser Gemeng.

E grouse Merci geet un d'Chancëgläichheetskommissioun an hire Präsident Carlo Lecuit fir hiren Asaz fir Gläichheet an d'Organisatioun vun dëser Initiativ. Och der Madamm Claudine Speltz, Präsidentin vum Fraerot e besonnesche Merci datt si de Wee op Schëffleng fonnt huet. De Marsch war e staarken Moment vu Solidaritéit an Engagement, wou Memberen aus der Gemeng, lokal Associatiounen an Aktivist-innen zesumme bruecht huet.

FR—De nombreuses personnes se sont rassemblées pour participer à une marche de solidarité dans le cadre de l'**Orange Week**. Cette marche avait pour objectif de dénoncer le cat-calling, un comportement inacceptable qui affecte de nombreuses personnes, en particulier les femmes.

Carlo Feiereisen, 1^{er} Échevin de la Commune de Schifflange a rappelé l'importance de l'Orange Week et a délivré un message clair et fort aux personnes présentes : la violence n'a pas sa place dans nos communautés, ni dans notre société, ni dans notre commune.

Un grand merci à la commission à l'égalité des chances et à son président Carlo Lecuit pour leur engagement en faveur de l'égalité et l'organisation de cette initiative. Un merci également à Mme Claudine Speltz, présidente du CNFL, pour sa participation. La marche a été un moment fort de solidarité et d'engagement, rassemblant des membres de la communauté, des associations locales et des militant·e·s.





Hobbymoart

30.11 & 1.12.2024



LU — Fir wanterlech Stëmmung huet den traditionellen Hobbymoart zu Schëffleng de Weekend vum 30. November an 1. Dezember 2024 gesuergt.

Hobbykënschtler-innen hunn hir schéinste Wierker an Aarbechten ausgestellt an d'Leit konnte schonn deen een oder anere Chrëscht dagskaddo fir hir Léifst hei fannen. Vu faarwege Bijouen iwwert selwer gebitzte Kleeder bis hin zu metalle Skulpturen a Konterbontes zur Wanterzäit, war alles dobäi.

Solidaritéit war wéi ëmmer grouss geschriwwen beim Hobbymoart an esou waren och eng Handvoll Infostänn zu deene verschiddensten Theme vertrauden an e groussen Deel vun de Suen, déi era komm sinn, goufe fir karitativ Zwecker gespent.

E Merci geet un eis Veräiner, déi sech um Food Village bedeelegt hunn a während dem ganze Weekend fir richtig leckert lessen a Gedrénks gesuergt hunn.



FR — Le traditionnel Hobbymarkt de Schiffflange a créé une ambiance hivernale le weekend du 30 novembre au 1^{er} décembre 2024 au Hall Polyvalent.

Plusieurs artistes et amateur-ice-s créatifs-tives ont exposé leurs plus belles œuvres et réalisations. Les visiteurs ont pu en profiter et trouver l'un ou l'autre cadeau de Noël pour leurs proches.

Comme d'habitude, la solidarité a été un aspect important du Hobbymarkt. C'est pour cela que des stands d'information sur les sujets les plus divers ont été mis en place. Les visiteurs ont eu l'opportunité de s'informer et de s'impliquer activement pour la bonne cause.

Merci aux associations qui ont participé au Food Village et qui ont préparé de délicieux plats salés et sucrés, ainsi que des boissons chaudes pendant tout le weekend.



**Video
Reportage**

Kleesche, Kleesche, léiwen Zinniklos...

1.12.2024

LU—Den 1. Dezember 2024 hat de Kleeschen sech mat sengen Engelcher an Houseker op de Wee bei d'Schëfflenger Kanner gemach.

Voller Virfreed sinn d'Kanner mat hiren Elteren a Grousselteren an den Hall Polyvalent komm an hu mat engem schéine Laachen a groussen Aen de Kleesche begréisst. Ënnert der Begleedung vun der Schëfflenger Musek ass dat bekannte Lidd „Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen“ voller Elan ugestëmmt ginn.

Éier de Kleeschen op sengem schéine grousse Stull Plaz geholl huet fir all Kand eenzel ze begréissen an him seng Titchen ze ginn, huet hien de Gemengeresponsablen Merci gesot, dass hien och dëst Joer nees konnt op Schëffleng kommen.



FR—Le 1^{er} décembre 2024, Saint-Nicolas a visité les enfants schiffangeois accompagné de ses anges et des pères Fouettards.

Les enfants, avec les yeux qui brillent et pleins d'impatiences, ainsi que leurs parents et grands-parents, lui ont souhaité la bienvenue au Hall Polyvalent. Encadré musicalement par la Schëfflenger Musek, le public a chanté d'une voix ferme la chanson la plus connue « Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen ».

Avant de prendre place sur son grand fauteuil pour saluer individuellement chaque enfant et lui remettre sa « Titchen », Saint-Nicolas a remercié les responsables communaux de lui avoir permis de venir une nouvelle fois à Schifflange.



Video
Reportage



Bicherwooch

Semaine du livre

2.12 - 9.12.2024



FR— Le 2 décembre a eu lieu l'ouverture officielle de la semaine du livre au sein de la Commune de Schiffflang. Les passionné·e·s de lecture de tous les âges étaient au rendez-vous pendant la semaine du livre à l'Hôtel de Ville.

LU— Den 2. Dezember war de Vernissage a soumat den offizielle Startschoss vun der Bicherwooch an der Gemeng Schëffflang. Bicherwiern, ob Grouss oder Kleng, déi vum Liese begeeschtert sinn, hunn sech d'Bicherwooch net entgoe gelooss.



Respektéiert Gebuert Naissance respectée

9.12.2024

LU— Organiséiert vun der Gemeng Schëffflang, dem Aude Gastauer, dem Mathilde Elind an dem Dr Bénédicte Simon, huet dësen Owend e Public zesumme bruecht, dee méi iwwert d'Gebuertsgewalt, besonnesch bei Keeserschnëtter, wollt léieren. No der Begrëssung vum Carlo Lecuit, President vun der Chancëgläichheetskommisioun, koum eng Aféierung an d'Thema duerch déi dräi Spriecherinnen.

D'FAUCS Method ass eng Approche, déi et de Fraen erlaabt aktiv bei der Gebuert matzemaachen, wat eng Erfahrung änlech wéi déi vun enger traditioneller Gebuert bitt. D'Konferenz war en entscheidende Schrëttfird'Ëffentlechkeet and'Gesondheetpersonal ze sensibiliséieren, a Gebuerten ze promovéieren, déi d'Rechter an d'Wiel vun de Frae respektéieren.

FR— Organisée par la Commune de Schiffflang, Aude Gastauer, Mathilde Elind et le Dr Bénédicte Simon, cette soirée a réuni un public engagé sur les violences obstétricales, en particulier lors des césariennes. La soirée a débuté par un mot de bienvenue de Carlo Lecuit, président de la commission à l'égalité des chances, suivi d'une introduction au sujet par les intervenantes.

La méthode FAUCS est une approche qui permet aux femmes de participer activement à la naissance, procurant ainsi une expérience proche de celle d'un accouchement par voie basse. Cette conférence a été cruciale pour sensibiliser le public et le personnel de santé et promouvoir un accouchement respectueux des droits et des choix des femmes.

Seniorefeier

Fête des seniors

11.12.2024

LU— Och dëst Joer huet d'Seniorefeier op en Neits an der Gemeng Schëffleng stattfonnt. De Schäfferot zesumme mat der Seniorekommissioun huet all d'Senioren-innen aus der Gemeng op eng charmant Feier mat gudder Ambiance an natierlech engem leckere Maufel invitéiert.



FR— Cette année encore, la Commune de Schifflange a une fois de plus mis les petits plats dans les grands pour célébrer ses seniors. Le conseil communal et la commission des seniors ont chaleureusement convié tous les seniors de la commune à une fête conviviale, rythmée par une ambiance joyeuse et, bien sûr, un banquet savoureux qui a ravi les papilles des invité-e-s.



Video
Reportage

Vereedegung vum Vincent Nothum

Assermentation de Vincent Nothum

6.01.2025



LU—Nodeems den Här Yves Fiorelli an der Gemengerotssëtzung vum 13. Dezember 2024 ugekënnegt hat seng Demissioun als Gemeengeconseiller anzereechen, ass den Nächstgewielte vun der LSAP-Lëscht, den Här Vincent Nothum, de 6. Januar 2025 a Präsenz vum Schäfferot vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch vereedegt ginn.

De Vincent Nothum ass 1978 zu Diddeleng op d'Welt komm an ass vu Beruff Schoulmeeschter. Deemno ass et keng Iwweraschung, datt hie sech besonnesch fir den Enseignement, d'Jugend an net ze vergiessen de Sport wëll asetzen.

Mir wënschen dem Vincent Nothum eng glécklech Hand bei der Ausübung vu sengem Mandat.

FR—Après l'annonce de la démission de M. Yves Fiorelli de son poste de conseiller communal lors de la séance du conseil communal du 13 décembre 2024, le prochain élu de la liste LSAP, M. Vincent Nothum, a prêté serment le 6 janvier 2025 devant le bourgmestre Paul Weimerskirch et ce en présence des échevins.

Vincent Nothum, né à Dudelange en 1978, est enseignant de profession. Il est donc évident pour lui de s'engager particulièrement en faveur de l'éducation et de la jeunesse, sans oublier le sport.

Nous souhaitons à Vincent Nothum bonne chance dans l'exercice de son mandat.

David Goldrake 25 Years of Magic

02.02.2025

LU—E grouse Merci u jiddereen deen den 2. Februar 2025 um David Goldrake senger Show am Hall Polyvalent deelgeholl huet! Är iwwerrascht Aen hunn de Raum beliicht an hunn dës Show nach méi magesch gemaach wéi se scho war. E grouse Merci un den David Goldrake fir seng aussergewöhnlech Show déi eis all an eng Welt vun Illusiounen an Iwwerraschungen transportéiert huet.

FR—Un grand merci à tous·tes ceux·celles qui ont assisté au spectacle de David Goldrake au Hall polyvalent de Schiffange le 2 février 2025 ! Vos yeux émerveillés ont illuminé la salle et ont rendu ce show encore plus magique. Un immense merci à David Goldrake pour son spectacle exceptionnel qui nous a tous transportés dans un monde d'illusions et de surprises.




Soirée de Bienvenue

04.02.2025

LU—De 4. Februar 2025 huet de Schännerot déi nei Schëfflenger Bierger-innen, déi tëscht dem 1. Oktober 2023 an dem 31. Dezember 2024 ukomm sinn, op d'„Soirée de Bienvenue“ agelueden. De Buergermeeschter Paul Weimerskirch huet a Presenz vu Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot sou wéi der Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliwwen an der Biergerkommissioun d'Leit häerzlech begréisst an hinne wichteg Informatiounen an Erklärungen iwwert eis Gemeng ginn. Dozou krut all Famill och nach e flotte “Kit de Bienvenue”.



FR—Le 4 février 2025, le collège échevinal a invité les nouveaux·lles résident·es schiffangeois·es arrivé·es entre le 1er octobre 2023 et le 31 décembre 2024 à sa traditionnelle « Soirée de bienvenue » à l'Hôtel de Ville. Le bourgmestre Paul Weimerskirch avec des membres du conseil communal ainsi que des commissions du vivre-ensemble interculturel et des citoyen·nes a accueilli chaleureusement les nouveaux·lles résident·es et leur a donné d'importantes explications intéressantes sur Schiffange ainsi qu'un kit de bienvenue.






Neieg- keeten

LU—Är exklusiv Informationsquell iwwert déi lescht Entwécklungen an eiser Gemeng. Mir halen lech au courant iwwert déi rezent Chantieren zu Schëffleng. Informatiounen, déi e wichtege Lien mat eiser Gemeng hunn, fannt Dir hei.

FR—Votre source d'informations exclusive sur les développements les plus récents au sein de notre commune. Explorez cette section pour découvrir les chantiers en cours, ainsi que d'autres informations importantes liées à Schifflange.





NIGHTLIFE BUS

ESCH/ALZETTE-SCHIFFFLANGE

LU_Den Nightlife Bus hält elo zu Schëffleng

Säit dem 7. Februar huet den Nightlife Bus en neie Fuerplang an huet seng Streck mat 4 zousätzlechen Arrëten zu Schëffleng erweidert. Dëse gratis a séchere Service, dee vun der Stad Esch-Uelzecht an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Schëffleng ugebuede gëtt, mécht d'Nuetsrees nach méi einfach a méi sécher.

Den Nightlife Bus fiert all Freideg a Samschdeg, ouni Reservatioun, sou datt jiddereen einfach a sécher nom Erausgoen heem kënt.

- 1. Depart um 1:00 Auer
- 2. Depart um 3:10 Auer



Fuerplang Horaires



FR_Le Nightlife Bus s'arrête désormais à Schifflange

Depuis le 7 février, le Nightlife Bus a mis en place un nouvel horaire et a élargi son itinéraire avec quatre arrêts supplémentaires à Schifflange. Ce service gratuit et sécurisé, proposé par la Ville d'Esch-sur-Alzette en collaboration avec la Commune de Schifflange, facilite davantage les déplacements nocturnes.

Le Nightlife Bus circule chaque vendredi et samedi, sans réservation, permettant à chacun-e de rentrer tranquillement et en toute sécurité après une sortie.

- 1^{er} départ à 1:00 heure
- 2^e départ à 3:10 heures





NEI MATAARBECHTER-INNE NOUVEAUX-ELLES COLLABORATEURS-RICES



JO MALANO

Service des citoyens et de la
communication – Événementiel

Engagement au 1/02/2024



JENNIFER POPESCU-URBAIN

Service des citoyens et de la
communication – Communication

Engagement au 1/06/2024



LAURA HERRIG-QUINT

Piscine municipale
Instructrice de natation

Engagement au 01/06/2024



JUDITH DIAS

Guichet unique
Employée

Engagement au 1/09/2024



JORDANE SILVA

Service régie
Installateur CITP

Engagement au 01/09/2024



LILIANA DA SILVA

Service nettoyage
Agente de nettoyage

Engagement au 01/09/2023



ALIDA CULA

Service nettoyage
Agente de nettoyage

Engagement au 1/09/2024



HELDER CORREIA

STNI - Apprenti administratif et
commercial

Engagement au 16/09/2024



PHILIPPE DIAS ALVES

Service financier – Apprenti
administratif et commercial

Engagement au 16/09/2024



ADELISA ZORNIC
**SUDD – Apprentie administrative
et commerciale**
Engagement au 16/09/2024



SVEN HOFFKAMP-MEYER
**Piscine municipale
Instructeur de natation**
Engagement au 16/09/2024



AYDAN BEAUSEJOUR
**Piscine municipale
Apprenti instructeur de natation**
Engagement au 16/09/2024



JEFFREY RAMOS CORREIA
**Piscine municipale
Apprenti instructeur de natation**
Engagement au 16/09/2024



VANESSA SARTOR
**Service Pédibus
Aide monitrice**
Engagement au 16/09/2024



NANCY ERPELDING
**Service Pédibus
Aide monitrice**
Engagement au 16/09/2024



NORDINE RIES
**Service de l'Urbanisme et
du Développement durable**
Engagement au 1/10/2024



MIKE MADUREIRA SANTOS
**Service régie -
Électricien DAP**
Engagement au 1/10/2024



HALIDA RAMDEDOVIC
**Services des Travaux Neufs et des
Infrastructures - Ingénieure**
Engagement au 15/10/2024

Bildungslandschaft Paysage éducatif



Lydie Schmit - Außenansicht des alten Gebäudes / Extérieur vieux bâtiment

DE_ Machbarkeitsstudie zur Einrichtung einer anerkannten Europäischen Schule / EEA am Standort „Op de Fléierchen“ in Schifflingen

